



N°5271
Reçue le 22.11.2021
Déclarée recevable et urgence non reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.11.2021

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/11/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesches fir Gesondheet weiderzeleeden.

Laut Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°5048 hat Lëtzebuerg, Stand 5ten November, nach 13110 Dosissen vum Vaxzevria-Vaccin (AZ) op Lager, déi Enn dës Mounts, also den 30ten November, oflafen.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesches dës Froe stellen:

1. Wéi vill vun deenen 13110 Dosissen sinn elo nach iwwereg?
2. Wäert d'Lëtzebuerger Regierung déi verbléiwend Vaccinen nach virum Oflaf Datum un een anert Land viru ginn, fir ze verhënneren, dass dës mussen entsuergt ginn?
3. Wéini wäert dëst geschéien, wëssend dass kaum nach Zäit bleift an et jo och Zäit brauch, wann d'Vaccinen an engem Land ukommen, bis dass se kënne verimpft ginn?
4. Wéi eng Länner wäerten Dosissen kréien an no wat fir engen Krittären gouf dat Land/déi Länner erausgesicht?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député



www.piraten.lu